ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 16. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Ab dem 1. Januar 2021 däerfen zu Lëtzebuerg Fierkele just nach ënnert Narkos kastréiert ginn. Et ass kloer, datt dëst fir vill Baueren eng Ëmstellung mat sech bréngt an datt déi vun där Neierung betraffen Acteure gäre Planungssécherheet fir d'Zukunft hätten. Bei eisen däitschen Noperen ass et z.B. esou, datt d'Politik dës Ännerungen, déi natierlech mat Méi-Käschte verbonnen sinn, finanziell ënnerstëtzt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi eng Method vun der Kastratioun vu Fierkele gouf bis elo zeréckbehalen?
2. Ass de Landwirtschaftsministère bereet, jee no Kastratiounsmethod, déi zeréckbehale gouf, d'Bauere bei där Ëmstellung finanziell ze ënnerstëtzen?
3. Wa jo, wéi soll dës Ënnerstëtzung konkret ausgesinn?
4. Am Fall wou déi zeréckbehale Kastratiounsmethod lafend Käschte verursaacht: Kënnen d'Baueren och an deem Fall mat finanzieller Ënnerstëtzung rechnen?
5. Wa jo, wéi soll dës Ënnerstëtzung konkret ausgesinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten